

zestellen, déi sech domadder ofginn. Grouss Betriber kënnen dat ganz sécher vill méi einfach wéi kleng Betriber. Dofir ass dat hei och virun allem e Service fir déi Kleng- an déi Mëttelbetriber. Et ass och net vun Zoufall, datt déi Saach an Zesummenaarbecht mat der Chambre des Métiers opgebaut ginn ass.

Wichtig ass, wéi gesot, déi richteg Informatioun, fir och déi ganz Strategie vu Vermeidung, Reduzéierung, Verwäertung richteg unzewennen, d'Berodung an d'Begleedung, a mir konnten eis och iwwerzeegen, datt dat wierklech mat ganz vill Asaz gemaach gëtt.

Déi ganz Saach ass, wann een se kuckt vum Volume hier an och vun der Zuel vun de Betriber hier, déi matmaachen, eendeiteg eng Success-story. An da kënt een op d'Kärfroen, déi sech dann iergendwann eng kéier stellen, déi jo och dëse Moment da gestallt ginn, wat mäi Virriedner elo grad opgeworf huet: Si mer dee richteg Wee gaangen oder ass et Zäit fir dat Ganz nei ze iwwerdenke vum Opbau hier, vun der Struktur hier? Wäer et besser de Stat soll dat maachen oder ass et awer besser, et bleift a privater Hand?

Et iwwerrascht keen heibanne wann ech soen, datt mir déi gréng Meenung net deelen, esouguer wann een dat vläicht iwwerdeiert fënnt, dat misst een dann emol enger seriöser Analys ënnerzéien, well et kann awer ganz gutt sinn, datt déi privat Firma ënner Ëmstänn dann nach eng besser Prestatioun mécht, wéi wann alles reng a staatlecher Hand wär. Meng Fraktioun huet traditionell do e bësse méi eng virsichteg Approche.

(Interruptions)

Ech wollt mech, Här President, hei ganz fein ausdrécken, a meng Bedenken hei zum Ausdrock bréngen, an dann héieren ech hei vum Här Bausch, dee jo awer wëllt eisem Premier heiansdo d'Waasser reechen, mir wäer ganz einfach primitiv géint d'Statsbeamten.

■ **M. François Bausch** (*DÉI GRÉNG*).- Dat ass och esou.

■ **M. Robert Mehlen** (*ADR*).- Här President, ech loossen dat esou am Raum stoen, wéi den Här Bausch et gesot huet.

(Interruption)

■ **M. le Président**.- Den Här Mehlen huet ganz eleng d'Wuert.

■ **M. Robert Mehlen** (*ADR*).- Ech iwwerloossen him d'Responsabilitéit fir seng Wuertwahl, déi och e gewëssent primitivt Denken an der Aschätzung vun der Situation erkenne léisst: eppes wat een nëmme bedauere kann.

Här President, wann ee kuckt wéi d'Käschten evoluéiert hunn, da gesäit een, datt et vum éischte Joer un, wou et ugelaft ass, mat ronn 8 Milliounen Euro, dunn erofgaangen ass, relativ stabil, an de Moment zitt et ganz e bëssen un, mä generell ass de gesamte Käschtepunkt zimlech stabil bliwwen, esouguer vun 8 Milliounen op 6 Milliounen Euro erof.

(*M. Niki Bettendorf reprend la Présidence*)

D'Käschte pro Betrib, do gesäit een awer, datt déi eendeiteg a staark erofgaange sinn, wat sech natierlech och ergëtt, wann e Betrib bis am System dran ass, dann ass et evident, datt dann och déi Berodungskäschte lues a lues erofginn, quitte datt ëmmer erëm nei Saache mussen enseignéiert ginn an an de Betrib erabruecht ginn.

D'Ursaach - dat ass jo och hei scho gesot ginn - ass effektiv, well de Contrôle financier gesot huet, dat do geet net méi, wéi deen neie Contrôle financier komm ass. D'Cour des Comptes huet sech deem ralliéiert.

Dann hu mer d'Diskussioun, soll een de Marché all dräi Joer aus-

schreiwen. Normalerweis géing ee soe Jo, dat ass eng richtig Approche, mä ech muss awer och soen, bei der Visite, déi mer zu Kolma-Bierg haten, hunn ech mech iwwerzeege gelooss, datt dat hei dach awer eng speziell Matière ass an datt et wahrscheinlech schwieereg wär fir all dräi Joer, vu den Investissement an d'Personal an och verschidden Installatiounen a sou weider, datt et awer wierklech problematesch wär, all dräi Exercicen dat frësch auszeschreiwen.

Et kéint een driwwer diskutéieren, ob een dann an deem Secteur vläicht zwee Opérateuren nienteneen hätt kënne funktionéiere loossen, déi sech hätte kënne Konkurrenz maachen, och wat d'Qualitéit vun der Prestatioun ubelaangt. Ech weess net, ob dat hätt kënne funktionéieren an ob eist Land och grouss genuch ass, fir zwee Opérateuren nienteneen Plaz duerfir ze bidden.

Et liest een och, datt d'Regierung seet, den administrativen Opwand fir déi Ausschreiwung, Cahier des charges an alles wat hannendrun hänkt, wär eigentlech ze grouss fir dat wat et op där anerer Säit géif bréngen.

Ech wëll grondsätzlech hei soen, datt mir fir de Prinzip vun der Konkurrenz sinn, och bei esou Marchéen, déi schwieereg sinn. Duerfir begréisste mer et, datt déi Durée erofgesat ginn ass op zéng Joer. D'Fro, déi awer weiderhin am Raum stoe bleift, dat ass, ob een an esou enger spezifescher Matière, wann dann déi nächst Ausschreiwung kënnt, da wierklech och Konkurrente fënnt, déi do seriö matmaachen, oder ob et nëmmen eng Fortschreiwung vun deem ass, wat da bis elo gelaf ass.

Ech widerhuelen nach eng kéier, datt déi Visite vum Site ganz nützlich war. Ech si selwer een, dee se gefrot hat, well ech nach net do uewe war, an ech muss soen, do gëtt wierklech - dat ass meng Impression - eng gutt Aarbecht gemaach an et kann een déi Leit tatsächlech félicitéiere fir dat wat do geschitt.

Et muss een an deem Zesummenhang zwar drop hiweisen, datt et hei - dat war meng Befierchtung e bëssen - eng monopolistesche Gesellschaft wär, wou keen aneren dru kéim. Dat ass jo manifestement net de Fall, well praktesch jiddferee seng Décheten dohinner ka liwweren, wou e mengt, datt en am beschte géing bedéngt ginn. Dat schéngt mer op jidde Fall ganz wichtig ze sinn.

Een anere wichtige Punkt, dat ass fir mech awer mat ausschlaggebend, dat ass deen, datt déi ganz Saach dem Contrôle vun der Cour des Comptes ënnerworf ass an do misst een dann, ech meng mir hu jo d'Méiglechkeet, well mer permanent Rapportë mat der Cour des Comptes hunn, iwwert d'Kommission vum Contrôle de l'exécution budgétaire, dofir suergen, datt do och seriö kontrolléiert gëtt, wat de Rapport Qualité-prix ass. A wa sech - ech géing dem Här Gira dat gäre soen - géing erausstellen, datt dat Hong op eng kéier géing ufänke gëllen Eeër ze leeën, da wär et allerdéngs Zäit, fir ze soen: Esou geet et awer net!

Déi Fro vum Präis, déi Dir opgeworf hutt, hate mir och an der Diskussioun. Do ass awer gesot ginn, dat wär net esou, vun deem Tarif, deen do géing ugewannt ginn.

Här President, dat gesot, mengen ech, bleift eis näischt aneschtens iwwreg, wéi dee Projet hei ze stëmmen, fir datt dat esou ka virulafen an datt mer de legale Prescriptions, déi mer eis selwer ginn hunn, Rechnung droen.

Ech soen lech Merci.

■ **M. le Président**.- Merci, Här Mehlen. Elo huet d'Regierung d'Wuert.

Här Minister Lux, Dir laaft net esou schnell.

■ **M. Lucien Lux**, *Ministre de l'Environnement*.- Wat ass dat ee laange Wee!

(Hilarité)

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nach eng kéier de Mëtteg fir d'éischt emol dem Rapporteur an der Kommissioun Merci fir déi schnell Bearbechtung vun dësem Projet.

Ech wäert vun Ärer Zäit net abuséiere fir elo nach eng kéier en long et en large iwwer - dat Wuert huet mer gutt gefall - déi Success-story anzegoen, déi an deene leschte Joren opgebaut ginn ass. Ech wëll just awer vläicht och deene virun allem an der Ëmweltverwaltung e Merci ze soen, déi sech vill Méi gemaach hunn, fir an engem wichtige Beräich vun eiser Offallwirtschaft dee Pilier do an deene leschte Joren opzebauen.

Dat hei ass - dat ass richtegerweis gesot ginn - éischter e finanzpoliteschen Dossier, dee mer haut traktéieren op Grund vun de Remarquen, déi déi fréier Chambre des Comptes gemaach huet an zu Recht gemaach huet. Do muss een natierlech oppassen!

Här Gira, mir si jo dysfonctionnementsgeschiedegt aus der fréierer Zäit vun den Aarbechten, déi deemools an der Kommissioun gemaach gi sinn. Dir hutt se zu Recht nach eng kéier hei rappeléiert. Trotz allem mengen ech, sollt ee bei dësem Projet virun allem awer oppassen, dass een déi néideg Flexibilitéit huet, déi mer hei brauchen. Ech mengen, et ass de Memberë vun der Kommissioun virun allem bei der Visite kloer ginn, dass een déi Flexibilitéit hei awer muss oprechterhalen an awer muss kloer gesinn, dass och all aner Kollektoren, privater, déi hei op deem Marché matmaachen, dat ouni Weideres kënne maachen, an dass, wa se dann déi néideg Konditiounen erfüllen, och de Label dozou kréien.

Hei gëtt jo keen op d'Säit écartéiert. Ech mengen, jiddferee kann hei, wann ech esou dāerf soen, säi Match maachen, woubäi mer awer där nationaler Responsabilitéit, déi mer hunn, och am Rahme vun dem nationalen Offallwirtschaftsplang, musse gerecht ginn.

Ausserdeem, mengen ech, misst ee bei där Zuel vun 1,2 Milliounen Euro, déi hei genannt ginn ass fir Berodung, awer och richtegerweis soen, dass et hei bei deem Chiffer net nëmmen ëm Berodung geet. Innerhalb vun deem Chiffer läit déi ganz publicitaire Aufgab, déi gemaach gëtt, fir nei Entreprisen an de System eranzekréien, an déi ganz Marketingsaarbecht, déi fir deen Zweck gemaach gëtt. Et läit virun allem déi ganz Formation, heiansdo vu ganzen Entreprisen, déi gemaach gëtt, an deem Chiffer verstoppt.

Also, an deem Chiffer verstoppt sech awer nach méi, mengen ech jugéieren ze kënnen, wéi nëmme reng eleng déi Fro vun der Berodung. Do gëtt et eng ganz Rei vun aneren Aktivitéiten, déi gemaach ginn.

Dieu sait dass ee sech da kann iwerleeën, wann een dat elo vu staatlecher Säit géng maache mat alle Problemer, déi mer hunn, wa mer dann iwwert den Numerus clausus schwätzen, fir dofir ze suergen, wa mer eng Extensioun vun Aktivitéiten an Initiative wëllt maachen, fir da grouss Problemer ze kréien. Sou dass ech mengen, dass sech déi Flexibilitéit trotzdeem hei an deem Beräich argumentéiere léisst.

Ech mengen, et ass vu mengem Virriedner zu Recht gesot ginn: Et ass net nëmmen de generelle Coût, mä och de Coût par entreprise, natierlech besonnesch dann,

wa mer méi Entreprisen an de System erakréien. Wat mer der méi erakréien, wat natierlech fir d'Entreprisen de Präis méi interessant gëtt. Déi Courbe ass eis jo awer gewise ginn, déi ganz kloer weist, dass mer do den Entreprisen eppes kënnen ubidden, wat am Laf vun de Joren och vun dem Kosten-Nutzen-Prinzip sech besser ugesäit wéi virdrun.

Dofir denken ech, dass mer hei bei aller Virsicht, déi ee muss walte loossen, flexibel muss sinn. Ech mengen, et ass virdru gesot ginn, och vum Kolleeg Schank, dass Kontrollen effektiv noutwendeg sinn. D'Cour des Comptes huet hei d'Méiglechkeet dat zu jiddfer Zäit ze maachen, esou dass mer, mengen ech, awer als Regierung an och Dir als Chamber, d'Geleeënheet hunn, fir zu all Moment ze kucken, dass dat heiten net an iergendwellech Richtung negativ ausaart.

Do derniewent géif ech mengen, dass et elo esou lues un der Zäit ass, fir eis un eng Reform oder eng Revisioun vum nationalen Offallwirtschaftsplang ze maachen. Fënnef Joer, mengen ech, ass déi Durée, déi hei gutt ass, an deementsprechend, mengen ech, steet eng Aufgab un, wat elo de Fong ubelaangt, déi mer an nächster Zäit musse maachen.

Mir hunn, wann een déi Zuelen dach awer kuckt, bei de Bierger an der Tëschenzäit en Degré erreecht, dass un dem System vun der SuperDrecksKëscht fir d'Bierger, do - mir hunn eng Héichrechnung gemaach - 160.000 Stéit vu ronn 175.000 Stéit matmaachen. Mir gesi bei de Batterien - en anere Punkt, dee genannt ginn ass -, dass mer op en Taux de couverture ongeféier komme vun 85%. Dat heescht, hei ass wierklech a ville Beräicher dach an deene leschte Joren eppes erreecht ginn. Et ass richteg, dass niewent där Funktioun do effektiv déi Campagnë - wéi et hei vun eenzelne Riedner gesot gëtt -, déi Berodung an déi Formation e wichtige Bestandteil musse si vun enger insgesamt vernetzter Politik, déi mer am Déchetsberäich musse maachen.

Mir kréie jo an nächster Zäit och vun europäescher Säit aus duerch eng Rei vun Direktiven, déi mer an deene leschte Conseilen ofgeschloss hunn, an nach amgaange sinn ze diskutéieren, och bei de Batterien, bei den Accumulateuren, mat Sécherheet nei Missiounen dobäi. Mir hunn nach Direktiven an der Ëmsetzung do leien, an anerer kommen op eis zou, esou dass mer do net wäerte stoe bliwwen, fir dofir ze suergen, dass mer an engem wichtige Politikberäich vun dem gesamten Environnement, also an deem vun den Décheten, dach awer och an nächster Zäit eis Aufgaben erfüllen.

En fin de compte, et deet mer e bësse Leed, dass mer hei net en unanimité Vote kënne maache fir eppes, wat awer wierklech an deene leschte Joren hei zu Lëtzebuerg e ganz grouse Succès hat an e ganz grouse Pilier an eiser Ëmweltpolitik war. Ech mengen, dass déi Bedenke vun der grénger Fraktioun nëmmen zum Deel berechtigt sinn, awer virun allem drop bauen, dass mer hei an engem ganz spezifesche Beräich sinn, wou mer och spezifesche Léisunge brauchen.

Wichtig ass, dass mer d'Kontroll esouwuel als Regierung wéi als Cour des Comptes, wat jo Är Institution vun der Chamber ass, behalen, a wéi gesot och de Coût am Grëff behalen. An deem Sënn wär ech frou, wann d'Chamber trotzdeem massiv iwwer hire Vote déi heiten Initiativ géng weider ënnerstëtzen.

Merci.

■ **M. le Président**.- Merci, Här Minister. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5096. Den Text steet am Document

parlementaire 5096^e. D'Ofstëmme fänkt un.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi SuperDrecksKëscht ass ugeholl mat 52 Jo-Stëmmen a 7 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Marc Spautz), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner (par Mme Marie-Josée Frank), Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par Mme Nelly Stein), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupt, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt (par M. Lucien Thiel), Paul-Henri Meyers (par M. Marco Schank), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer (par M. Marcel Sauber), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par M. Lucien Clement) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Roger Negri), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Marc Angel), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Ben Fayot), Romain Schneider (par M. John Castegnaro), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roland Schreiner);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Henri Grethen), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling et Robert Mehlen.

Se sont abstenus: MM. Claude Adam (par M. Camille Gira), François Bausch, Felix Braz (par M. Henri Kox), Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch).

Wëllt ee seng Abstentioun begrënnen?

(Négation)

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

A mir kommen op den nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, dat ass d'Diskussioun vun de Projeten 5270 an 5287, kulturell Ofkommesse mat der Türkei a mam Vietnam. Déi zwee Projete ginn an enger Diskussioun behandelt. D'Riedezäit ass zweemol nom Basismodell festgeluecht. Mir hunn et hei mat zwee Rapporturen ze dinn, dem Här Lucien Thiel fir de Projet de loi 5270 an duerno den Här Marcel Oberweis fir de Projet de loi 5287. Ech ginn also elo dem Här Rapporteur Lucien Thiel d'Wuert.

8. 5270 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de coopération dans les domaines de la culture, de l'éducation, de la science, des mass médias, de la jeunesse et des sports entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Turquie, signé à Ankara, le 9 juin 2003

5287 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de coopération dans les domaines de la culture, de l'éducation,

de la recherche scientifique, des mass media, de la jeunesse et des sports entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République Socialiste du Vietnam, signé à Luxembourg, le 21 mai 2003

Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture du projet de loi 5270

M. Lucien Thiel (CSV), *rapporteur*.- Merci, Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, mir sollen haut eis Zoustëmmung zu zwee Accordë ginn, sou genannt Accords culturels, mä dat gräift e bësse kuerz, well déi Accorden decke ganz vill Felder of. Ech wollt lech deem éischte vun deenen zwee virstellen, dat ass deem iwwert d'Türkei, dee sech areit an déi laang Serie vun Accorden, déi mer schonn ofgeschloss hunn.

Do vläicht virof direkt eng kritesch Bemierkung: Heiansdo misst ee sech emol Gedanken driwwer maachen, wat de Suivi vun deenen Accorden ass, wat iwwerhaapt mat hinne geschitt. Et huet een d'Impressioun, wéi wann net ëmmer all Accord och wierklech duerno mat Liewen erfüllt géif ginn; mä dat eben als Randbemierkung.

Lo zum Accord mat der Türkei. D'Türkei huet vill Besonneschkeeten, mä eng dovun, déi kennt Dir alleguerten aus dem Geographiescours. Et ass, mengen ech, dat eenzegt Land op der Welt, dat op zwee Kontinenten zugläich läit. Dat mécht et just pittoresque, dat huet awer soss net vill Bedeutung.

Op där anerer Säit, wa mer et mat Lëtzebuerg kucken, da gesi mer och eppes, wat ganz oft an deenen Accorden do geschitt: Do koppele sech der zwee, déi zimlech ënnerschiddlech gestiwwelt sinn. D'Türkei huet 150 Mol méi Awunner wéi Lëtzebuerg a si ass 300 Mol méi grouss wéi Lëtzebuerg.

Do gesäit ee schonn, datt déi Koppel zimlech ongläich ass. Mä op där anerer Säit huet d'Türkei e Bruttosozialprodukt pro Kapp, deem nëmmen een Aachtel vun eise amémcht. Net well mer domat wéilte kompenséieren, mä dat weist, datt do nach gewëssen ekonomesch Retardë sinn. Et ass virun allem en Agrarland. 40% vun de Leit schaffen do an der Landwirtschaft an hire Bruttosozialprodukt staamt och zu 12% aus der Agriculture. Wann Der vergläicht, bei eis sinn et nach 0,5%. Also, Dir gesitt, mir sinn do nach an zwou verschiddene Welten.

Allerdéngs däréif een net vergiesen, wann een d'Türkei kuckt, datt et e Land mat enger ganz grousser Geschicht ass - enger beweegter Geschicht an enger ganz grousser Geschicht. Ganz grouss war se schonn an der Antik. Vläicht huet deem een oder deem aneren net geschlof an der Geschichtsstonn a weess, datt zur Zäit vun de Réimer d'Türkei - oder zur auslafender Zäit vun de Réimer - d'Stad Byzanz, déi mer haut als Istanbul kennen, d'Haaptstad vun där enger Halbschent vum Réimesche Räich war. Anerer behaapten, et war dat éischt chrëschtlecht Räich, well de Konstantin, no deem déi Stad jo och eng Zäit benannt war, do säi Siège geholl huet.

An déi Zäit falen och ganz vill Aktivitéiten, déi zur Kultur bäigedroen hunn an deem Land, wat duerno eng ganz aner Herrschaft kritt huet. Dat war d'Herrschaft vun den Osmanen. Déi sinn esou ëm 1200, 1300 komm a waren net grad esou beléift wéi d'Reimer bei hiren Noperen; besonnesch net bei den Europäer, well se ëmmer erëm probéiert hunn den Europäer der an d'Akaul ze ginn. Wien eng Kéier zu Wien war, deem huet bestëmmt

sech déi Plaz ugekuckt, wou de Pränz Eugen d'Türke gestoppt huet. D'Türke koumen deemools bis viru Wien, a si waren also réputéiert als zimlech giereng a si hunn dann och dat Osmanesch Räich entspreichend ausgebaut.

Déi nächst Phas war déi vum 20. Jorhonnert. En abrupte Sprong vum Osmanesche Räich, wat ënnergaangen ass mam Éischte Weltkrich, well d'Türken op der Säit vun de Preise waren. Du koum en Émschwonk op eng Republik. Déi Republik ass ausgeruff ginn deemools vun engem Mann, vun engem General, deen e grouss Volleksheld gi war, an dee sech Mustafa Kemal genannt huet, deen Der alleguerte kennt als Atatürk. Atatürk heescht Papp vun allen Türken. Dat war de Bännumm, deen hien du kritt huet, duerch dat wat hien do gemaach huet.

Hien huet - relativ erstaunlech fir dat Land - et ganz séier an d'Neizäit gefouert an hien huet Reformen duerchgefouert, déi nach haut erstaunen, wann Der wësst, datt an der Türkei déi moslesch Relioun ass, an Dir wësst awer op där anerer Säit, datt den Atatürk d'Droe vun de Schleiere verbueden huet, datt hien de Fraen d'Wahlrecht scho ginn huet, kuerz nodeem datt mir et agefouert hatten, an nach vill aneres. Dat erkläert dann, firwat hien nach haut zimlech vénéréiert gëtt, obschonn datt no him en zimlechen Duerjerneen erëm eng Kéier an deem Land entstanen ass.

Ech mengen, et ware véier oder fënnf Militärcoupen duerno. Dat Land ass am Fong eréischt elo déi lescht Zäit plus au moins zur Rou komm. Zum Deel awer och, well et selwer net ëmmer sech ganz koscher beholl huet, notamment an der Zypernfro, déi eis jo nach haut nogeet. Déi Deelung vun Zypern huet och eppes mat den Türken ze dinn. Da war d'Behandlung vun hirer gréisster Minoritéit, där vun de Kurden, och net ëmmer ganz, ech kann net soe kathoulesch, mä déi war net ëmmer ganz an der Rei.

Op där anerer Säit ass den Türke munches nogelooss ginn oder duerch d'Fangere gekuckt ginn, well dat Land eng wichteg strategesch Roll während dem Kale Krich hat. Well et den ënneschten Deel oder dee leschten Deel vun dem Südflegel vun dem Westen war, huet jidderee gemengt d'Türkei missen ze stärken - notament d'NATO. Et war am Fong d'Südfank vun der NATO. Dat erkläert och, firwat vläicht munch Saache vun den türkesche Regimer toleréiert gi sinn, déi soss anere vläicht net duerchgaange gelooss gi wären. Wéi gesot, d'Türkei ass Member vun der NATO säit 1952 a gehéiert domat plus au moins an de westleche Camp.

Dat ass dat eent. Dat anert ass d'Kultur vun deem Land. Erëm eng Kéier e bësse Geschicht. Eng vun de Wéie vun eiser Zivilisatioun louch an deem Eck. Et muss ee wëssen, datt Klengasien - dat ass d'Türkei vun haut, oder en Deel dovun ass d'Türkei vun haut - en Deel vun eiser Kulturwéi ass.

Ech brauch net déi Stied opzezielen, déi zu där Zäit Weltgeschichte geschriwwen hunn, ënner anerem Troja, dat seet jidderengem eppes. Et sinn aner Stied, déi vläicht net esou vill soen. Op alle Fall ass do ganz vill an der Antik passéiert, souwuel am Beräich vun der Philosophie, am Beräich vun den Naturwëssenschaften, am Beräich vun de Rechtswëssenschaften. Also, et ass schonn e Kulturناسht gewiescht, an dat wier eigentlech schonn e gudder Grond, firwat mir eis kulturell sollten deem Land méi no bréngen. Net onbedéngt, well mer esou gutt Erënnerungen hu wéi déi vum Michel Lucius, deen do seng éischt Spore sech verdingt huet als Geolog, mä och well mer nach haut vun där Kultur kënnen zieren. Dat ass deem ee Grond.

Deen anere Grond, an ech mengen, deem ass op d'mannst esou

wichtig - quitte datt mer elo näischt däréif matenee vermëschen -, dat ass deem, datt dat Land wëllt onbedéngt Member vun der Europäescher Unioun ginn. Et ass e Baitrëtskandidat. Mir wëssen, datt se scho laang bei eis freie kommen. Mir hu laang gebraucht, bis datt mer bereet waren, emol esou eng hallef Verlobung mat hinnen anzegoen. Déi ass elo virun engem hallwe Joer geschitt. Ech mengen, wann ee schonn dee Wee beschreit, da muss een och kucke sech besser kennen ze léieren. An dat ass fir mech den entscheidende Grond, fir datt mer e Kulturofkommes, an net nëmmen e Kulturofkommes, mä en Ofkommes wat vill méi ofdeckt - inklusiv den Echange vu Jugendlechen, inklusiv Studentenaustausch, a virun allem och sportlech Aktivitéiten - sollen ofschléissen.

Dat alles beinhalt deen Accord, dee virun zwee Joer vun eise Premierminister mam Här Erdoğan ënnerschriwwen ginn ass, wéi eise Premierminister do ënnen op Besuch war. Si hunn deemools zwee Accorden ënnerschriwwen. Deen ee war een Duebelbesteuerungsofkommes - wat een eigentlech net esou däréif nennen, et ass eigentlech en Accord fir d'Duebelbesteuerung ze verhënnern. Deen ass deemools ënnerschriwwen ginn. Doniewent ass dann dëse sou genannte kulturellen Accord ënnerschriwwen ginn, deem ech am Nimm vu menger Fraktioun wëll hei ënnerstëtzen an dat net nëmmen, well de Kleeschen aus deem Eck kënnt, iwwert deem ech elo geschwat hunn.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Thiel. Den zweete Rapporteur ass den Här Oberweis. Dir hutt d'Wuert, Här Rapporteur.

Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture du projet de loi 5287

M. Marcel Oberweis (CSV), *rapporteur*.- Merci villmools. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Madame Statssekretärin, mir hunn elo just eng Rei vun Informatiounen kritt aus dem éischte Vertrag iwwert d'Türkei, e Land, dat am Weste vun dem asiatesche Kontinent läit, um Schwaarze Mier an um Mëttelmier. Ech hunn d'Chance elo deen zweete Vertrag virzestellen, an ech huelen lech mat e puer Stonnen no Osten an de Vietnam, e Land um Pazifik.

Une voix.- Dat ass wäit!

M. Marcel Oberweis (CSV), *rapporteur*.- Dat ass ee Stéck fue- ren, dat ass wouer!

Et geet hei ëm e Vertrag mat Lëtzebuerg a mat der Sozialistescher Republik Vietnam. Den Accord - fir vläicht e puer Detailler viwech ze schécken - ass den 21. Mee 2003 hei zu Lëtzebuerg ënnerschriwwen ginn an den 19. Januar 2004 an der Chamber déposéiert ginn. De Statsrot huet säin Avis eragereecht den 30. März 2004. D'Chamberskommissioun huet sech an hirer Sëtzung vun dem 28. Oktober d'lescht Joer mat dem Text vum Accord an dem Avis vum Statsrot ausernee gesat an de Rapport den 23. November d'lescht Joer ugeholl.

Wa mir e kuerze Bléck zrëckwerfen, da gesi mir an dësem Zesummenhang d'Visite vun onsem Premier am Vietnam am Oktober 2000. Duerno hate mer de Géigebesuch hei vum Premierminister aus dem Vietnam am September 2002, an duerch d'Madame Minister Erna Hennicot-Schoepges ass et dunn zum Grondsteen komm vun der Zesummenaarbecht, während hirer Visite a Vietnam am Oktober 2002.

Dir gesitt also, dëse Kooperationsvertrag huet schonn eng kleng Geschicht. Den Accord selwer weist eng Rei vu Beräicher op, wou mer eng enk Zesummenaarbecht sollen zesummen ausschaffen. Esou an der Kultur, an der Ausbildung vu jonke Mënschen oder der wëssenschaftlecher Fuerschung, awer och an de Beräicher vun de Massemedien, vun der Jugend an an dem Sport sollen enk Kontakter geknäppt ginn. Et sinn also eng ganz Rei vun Elementer an engem Vertrag, an ech wëll der e puer hei belichten.

Éischstens, am Beräich vun der Kultur soll ënner anerem eng Kooperationsgesicht ginn um Gebitt vum Theater, vun der Musek, der Oper an dem Ballett. Do sinn d'Asiate jo relativ gutt. Den Austausch vun Experten am Beräich vum Kino ass e weideren interessante Pilier, gradewéi eng interessant Zesummenaarbecht mat Artisten a mat Museker.

En zweete Volet: Am Beräich vun der Ausbildung soll et zum Austausch komme vun Enseignanten, vu Schüler an och vu Studenten. A grad hei gëtt vill Wäert op d'berufflech Ausbildung geluecht, speziell an der Tourismusbranche, well Vietnam e Land ass, dat eng grouss Zukunft an deem Beräich nach wäert kréien.

Den drëtte Pilier ass de Beräich vun der wëssenschaftlecher Fuerschung an der Technologie. A grad do ass dann déi nei Lëtzebuerger Universitëit och mat agebonnen. Den Austausch vun akademeschem Personal, vu Studenten, vu Fuerscher soll hei am Mëttelpunkt stoen, an derniewent steet d'Organisatioun vu Kongresser mat Caractère international op der Agenda vun der Zesummenaarbecht.

Ee véierte Volet ass de Beräich vun de Massemedien. Do gëtt de Fernseh, de Radio an och d'Press agebonnen. Et soll do extra dozou ausgeruff ginn, den Opbau ze maachen an hinnen ze hëllefen, duerch d'Kooperatioun méi staark an de Massemedien ze wierken. Mir sollen si da besser kenne léieren a si och ons.

En interessante Beräich op alle Fall ass de Beräich vun der Jugendaarbecht, an hei speziell am Sport. Et sollen hei Sportsévénementer opgebaut ginn an Austausch vu Sportgruppen iwwer eng relativ wäit Distanz, fir dass ons Jugend an Europa hei déi jonk Leit aus deem Eck vun der Welt kenne léiert, déi an engem esou interessante Beräich vum Pazifik wunnen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Vietnam huet genau wéi Lëtzebuerg eng ganz mouvementéiert Geschicht hanneru sech. Ech wëll déi eenzel Elementer vun där Geschicht guer net opzielen, mä op alle Fall ass zënter 1995 déi sou genannte Sozialistesche Republik Vietnam och Member vun der ASEAN, dat heescht enger wichtiger regionaler Organisatioun an deem Deel vum pazifische Raum. Vergiesse mer net, dass Vietnam e Land ass mat 80 Milliounen Mënschen, mat deem esou e klengt Land wéi eist hei, mat enger hallwer Millioun, e Kooperationskontrakt wëllt ënnerschreiwen.

Mir gesinn also, mir ginn eng Zesummenaarbecht a mat engem Land, dat an der globaliséierter Welt no bei de Mouvementer vun haut ass, dem chinesesche Raum, dem indesche Raum. Mat Vietnam huet Lëtzebuerg an de vergaangene Jore schonn eng ganz Rei vu Relatiounen opgebaut, an dat op wirtschaftlech an och op touristeschem Plang.

Awer besonnesch ee Punkt wëll ech eraushiewen hei, dat ass de Beräich vun der Entwécklungsaarbecht. Do huet Lëtzebuerg scho ganz villes geleeest. Notamment ass Vietnam dee wichtigste Partner vun eise Pays cibles. D'Land weist ee Pro-Kapp-Akommes op vun nëmmen 1.200 Euro pro Joer. Dat heescht, dat Land brauch

nach Laangzäithëllef vun dobaussen, fir op sengem wirtschaftlechen Entwécklungsweg nach munches op d'Been ze setzen. Duerfir huet onst Land hei a sengem Budget fir 2005 9 Milliounen Euro Entwécklungshëllef virgesinn, an dat haaptsächlech an de Beräicher vum Gesondheetswiesen, vun der Erziéung, vun der Entwécklung vum ländleche Raum, an do speziell de Bewässerungsproblemer, déi an deem Land herrschen.

D'Investitiounen an der Lutte géint den Hunger sinn och Investitiounen an de Kapp vun de Mënschen. Dat ass dat beschte Rezept fir iwwerhaapt de Wuelstand vun engem Land an d'Luucht ze hiewen. A wann ech de Rapport vun der FAO vu Roum dierf kuerz zitëieren, dee gesot huet: All Euro, dee mir investéieren an d'Gesondheet a géint den Hunger vun engem Mënsch, dat ass eng Plus-value an e Rendement vum Fënnf- bis zum 20fachen. Dat beweist also - mir sinn hei um richtege Wee -, dass mer an der Kooperatioun och d'Entwécklungshëllef fir dat Land net sollte vergiesen.

An deem Zesummenhang muss een deene Leit Merci soen, déi scho virdrun hei esou vill sech engagéiert hunn, fir d'Kooperatioun mat Vietnam virunzedreiwen. Ech denken hei ganz speziell un de Lycée hôtelier Alexis Heck vun Dikrech, deen eng ganz gutt Aarbecht do geleeest huet.

Dee virleiende Kooperationsaccord mat Vietnam wëllt dës lwwerleeungen op de richtege Niveau an engem bilaterale Geescht bréngen. An e ganz speziell Element dovun ass ganz einfach d'Ouverture vun engem Bureau de la coopération zu Hanoi am August 2003.

Grad am November 2003 konnte mer schonn den 30ste Gebuertsdag feiere vun de Relatiounen mat dem Land Vietnam. De 17. November an deem Joer hu mer eng Kommissioun agesat, déi de Partenariat vun där Kooperatioun verdéiwe soll. Fir awer an dësem Accord elo nach weidert Liewen eranzebréngen an, wéi mäi Virriedner sot, och emol ze kucke wat bréngen esou Kooperationsverträge, ass gesot ginn, mir grënnen duerfir e Comité conjoint, wou all Land dann déiselwecht Unzuel vu Membre kann drasetzen, fir eben de Suivi ze maache vun dëser Kooperatioun.

Grad dëse Comité soll probéieren, nei Pläng opzebauen, nei Relatiounen op d'Been ze setzen. Well et gëtt jo gefrot, mir solle gemeinsam Projete maachen an e puer Voleten, da muss mer do e Suivi kënnen asetzen. A wann dee Comité fënnf Joer getaagt huet, da gëtt ënnersicht, wat an deene fënnf Joer geschafft ginn ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Accord mat der Sozialistescher Republik vu Vietnam wëllt Lëtzebuerg ganz einfach e bescheidene Baitrag leeschten an enger globaliséierter Welt fir eng méi schéi Welt hierzestellen. Ech bréngen den Accord vu menger Fraktioun a soe Merci villmools.

M. le Président.- Merci, Här Oberweis. Als éischt Riednerin ass d'Madame Flesch agedroen. Madame Flesch, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Colette Flesch (DP).- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll och den zwee Rapporteur Merci soen. Wéi mer gëschter décidéiert hunn, mir géingen déi zwee Projeten zesummen diskutéieren, hu mer et zwar och erwähnt, dass et deeselwechte Contenant, souguer deeselwechte Contenu wär, dee mer géingen diskutéieren, mä mir géingen awer ons mat zwee verschiddene Partenairë beschäftegen.

An dat ka seng Wichtigkeet hunn, mengen ech, am Kontext vun

deem, wat déi zwee Rapporteure gesot hunn. Dat heescht, dass en Accord culturel ëmmer nëmmen e Kader ass, dee Geleeënheet bitt, Aktivitéiten ze organiséieren am Intérêt vun der kultureller Zesummenaarbecht tëschent den zwee Partenairen zum Accord, mä dass et net mam Kader duergeet, dass et duerno och néideg ass, dee Kader mat Liewen ze erfëllen. An do kann ech mer virstellen, dass et vläicht an deem enge Fall méi einfach wäert sinn, wéi an deem aneren.

Ech wëll net, Här President, op déi Envoléeë geographescher, historischer an identitär-kultureller Natur zrëckkommen, déi déi zwee Rapporteure virgedroen hunn. Ech wëll awer festhale beim Accord mat der Türkei, dass effektiv d'Türkei e Land ass, wat deelweis europäesch ass. Et schéngt mir, dass et net dat eenzegst Land ass, wat op zwee Kontinenter ass. Wann ee vill iwwerleet, da kann ee sech vläicht drun erënneren, dass Russland am selwechte Fall ass. Mä mäi Gott, bon. Et ass also deelweis en europäescht Land.

Et ass och, an dat schéngt mer enorm wichtig, Member vun der NATO, an ech mengen, de Fait, dass d'Türkei Member ass vun der NATO, seng geographesch Position an seng geopolitesch Importenz sinn d'Ursaach woufir Kontakter tëschent der Europäescher Unioun, oder der Europäescher Gemeinschaft fréier, an der Türkei scho ganz laang lafen. A wann elo décidéiert ginn ass, dass mer Adhésionsgespräicher géinge mat der Türkei ufänken, dann ass dat eng Suite vu Versprieden, déi am Laf vun de Joren ëmmer erëm den Türkei gemaach si ginn, an ech mengen, mer sollen ons un déi Versprieden halen, déi gemaach gi sinn.

Selbstverständlech sinn déi Négociationen décidéiert ginn a sollen zu Enn geféiert ginn, ënnert der Konditioun dass déi Kritären, déi zu Kopenhagen festgehalé gi sinn, fir dass e Land kéint der EU bäitrieden, effektiv och vun der Türkei erfëllt ginn. An deem Zesammenhang bleiwe bei der Türkei nach Efforten ze maachen. Mä ech menge just an deem Zesammenhang ass en Accord culturel e gutt Instrument fir d'Kooperatioun mat deem Land ze förderen a si dann och dozou ze bréngen ëmmer méi no un Europa an un déi europäesch politesch Normen erunzekommen.

Bei Vietnam hu mer et mat engem asiatesche Land ze dinn, wat - wéi de Rapporteur et gesot huet - ee vun den zéng Pays ciblés vun onser Kooperatiounspolitik ass. Also och en asiatescht Land mat deem mer besonnesch enk Relatiounen scho säit enger gewësser Zäit hunn. Net nëmme sinn do schonn eng ganz Partie wichtig Visité vu politesche Vertrieeder vun deenen zwee Länner gemaach ginn, mä et ass och schonn an der Kultur eng gewëssen Aktivitéit développéiert ginn. Virun enger Rei Joren, et ass nach net laang hier, hate mer eng kulturell Woch, eng Vietnam-Woch hei zu Lëtzebuerg, déi et de Vietnamesen erlaabt huet en Deel vun hirer Kultur de Lëtzeburgerger virzustellen, an ech mengen déi Aktivitéit war ee Succès an ech géif mer wënschen, dass mer an Zukunft nach méi kéinten op deem Plang maachen.

Wat mech frappéiert huet bei deem Projet iwwer Vietnam - an déi Bemierkung huet éischter en anekdotischen, wéi een anere Charakter -, dat ass, dass souwuel den Exposé des motifs vum Projet de loi, wéi och de Rapport vun der Kulturkommissioun ënnersträichen, dass Vietnam e Member ass vun der Agence de la Francophonie, där mir och ugehéieren, an dass awer dann den Text vum Accord op englesch ass. Et hätt ee sech kënne virstellen, dass zwëschen zwee Länner, déi Member si vun der Francophonie, een den Effort gemaach hätt, fir dass een dee Standardaccord - well et ass jo ëm-

mer deeselwechten Text bei den Accords culturels - hätt kënnen op franséisch iwwersetzen. Domadder hätt een da vläicht een Zeeche gesat.

Ech hunn notéiert, dass den Artikel 1 ënner anerem ënnert f) vum Accord seet: „The Contracting Parties shall encourage: cooperation between their relevant institutions to carry out researches into their respective language, literature, culture and history“.

Kann d'Madame Statssekretärin ons soen, wéi sech déi Kooperatioun um linguistesche Gebitt soll exzerzéieren a ka se vläicht bei där Geleeënheet och soen, ganz allgemeng, wéi se de Rôle vu Lëtzebuerg an der Agence de la Francophonie gesäit a wéi se mengt, dass een do kéint en utilë Bäitrag leeschten?

Ech wëll heibäi direkt soen, dass ech fir mäin Deel à l'égard vum Englesche kee Komplex hunn. Ech mengen, mir komme ganz gutt zuerecht zu Lëtzebuerg mam Lëtzeburgergeschehen an an Europa mam Franséischen, an ech mengen och net, dass mir dozou opgeruff sinn, déi gréisste Kämpfer ze si fir déi franséisch Sprooch. Mä nach si mir e Land «qui a le français en partage» an ech wier frou, wann d'Statssekretärin ons do kéint e bësse soen, wéi si an Zukunft d'Politik an deem Domän gesäit.

Dat doten ass eng Fro, déi huet net direkt mam Accord mat Vietnam ze dinn, mä et ass eng Fro, déi ech mer ebe stellen, well drop higewise ginn ass, dass si wéi mir Member sinn an der Agence de la Francophonie. Also sans préjudice vun där Fro, Här President, wëilt ech d'Zousou vun onser Fraktioun bréngen, souwuel zum Accord mat Vietnam, wéi och zum Accord mat der Türkei.

■ **M. le Président.** - Merci, Madame Flesch. Déi nächst Riednerin ass d'Madame Dall'Agnol. Madame Dall'Agnol, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Claudia Dall'Agnol (LSAP).** - Madame Statssekretärin, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi d'Madame Flesch schonns richteg bemierkt huet, handelt et sech ëm zwee verschidde Partneren an dofir géing ech mer dann och erlaben, déi zwee separat ze behandelen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, 1952 ass d'Türkei der NATO bäigetratt. Zënter 1963 si se mat der EU, deemools nach d'Europäesch Wirtschaftsgemeinschaft, associéiert an an der Präambel vun deem Ofkommes stoung deemools schonn als Zweck an ech zitieren: „später den Beitritt der Türkei zur Gemeinschaft erleichtern soll“.

1987 huet dëst Land du gefrot, fir Vollmember vun der EU ze ginn an 2004 schwätze mer dann elo vun de Bäitrittserklärungen. Fir d'Türkei a seng ronn 70 Milliounen Awunner war et ee laange Wee bis heihinner.

Iwwert d'Türkei ass jo an der leschter Zäit hei an der Chamber scho méi oft diskutéiert ginn, an d'Türkei ass och en Thema an anere Chamberskommissiounen gewiescht an ech nennen hei nëmmen de Projet de loi 5341 portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République de Turquie en matière de sécurité sociale.

De Rapporteur Lucien Thiel ass a sengem excellente mëndlechen a schrëftleche Rapport jo och schonns op viles agaangen an ech wëll dann och net méi alles hei nach eemol widderhuelen, mä just vläicht e puer supplémentaire Reflexiounen hei erabréngen.

Dësen Accord de coopération, dee mer haut wäerte stëmmen, soll jo notament Folgendes realiséieren, an ech zitieren aus dem Avis vum Statsrot: «Aussi des programmes d'échanges de toutes sortes sont-ils prévus pour faciliter les contacts

entre les ressortissants des deux pays et encourager les actions de formation et de perfectionnement...». Dës Wieder, mengen ech, soen alles.

D'Türkei ass op dem Wee an d'EU. Si hu vill Efforté mussen maachen a si wäerten der nach eng ganz Rei mussen maachen, fir prett ze sinn. Dat hu mer jo schonns an eise Dëbat iwwert d'Türkei Mëtt November hei an der Chamber diskutéiert. Ech maachen nëmmen op d'Gläichberechtigung zwësche Fra a Mann opmierksam, déi endlech an hirem Gesetz verankert ginn ass oder awer och op hiert neit Strofgesetzbuch. Dëst alles si Schrëtt um richtige Wee, därer awer nach eng ganz Rei anerer wäerte mussen nokommen, an dëst ebe speziell och bei der Situation vun de Fraen, fir eben nëmmen een Aarbechtsfeld hei erauszepëcken.

Fir awer deem eenzelne Bierger bei eis oder awer och an der Türkei entgéintzekommen, ass dësse bilateralen Accord culturel wichtig, well heimat bidde mer den Türken d'Geleeënheet ee klengen Deel vun der grousser europäescher Famill, nämlech Lëtzebuerg a seng Awunner, besser kennen ze léieren a sech och e Bild vun der europäescher Realitéit an hirem Alldag ze maachen. Gläichzäitig awer bidde mer och eiser Populatioun d'Chance d'Türkei mat senger räicher, méi wéi dausend Joer aler Kultur - an ech mengen do ass de Rapporteur jo och schonn am Detail drop agaangen - besser kennen ze léieren an och ze schätzen.

Ech mengen an enger Zäit, wou d'Türkei heefeg d'Nummer eent an de Schlagzeile vun de Medien ass, ass dëst ëmsou méi wichtig. Et ass ebe wichtig déi richteg Informatiounen ënnert d'Leit ze bréngen an net duerch Populismus Viruerteeler opzebauen.

Dofir ass dësen Accord - där mer jo iwwregens och mat verschidden aneren extracommunautäre Länner schonns hunn - richteg an e kënt dann och, menger Meenung no, zum richtigen Zäitpunkt. Dofir géif ech dann och zu deem Accord elo schonns den Accord vu menger Fraktioun ginn.

Beim Projet 5287 ass de Rapporteur Marcel Oberweis a sengem excellenten an och explizite mëndlechen a schrëftleche Rapport drop agaangen, datt et bei esou bilateralen Ofkommessen, där Lëtzebuerg der schonn eng ganz Partie ënnerzeechent huet, eigentlech dorëms geet deenen anere mat senger oft friemer an zum Deel och onbekannter Kultur, Sprooch, Relioun an och senge Coutumë kennen ze léieren.

Fir mech ass dës Wee, genausou wéi op engem aneren Niveau d'Jumelagen an de Gemengen, e Wee fir Viruerteeler ofzebauen a Meenungen iwwer e Land a säi Vollek ze iwwerdenken. An ech sinn och dovunner iwwerzeegt, datt dëst zu manner Rassismus a Friemenhaass ka féieren.

E Land wéi Vietnam ass friem, net eleng well et wäit ewech ass, mä well een am Alldag och net allze vill iwwert dëst Land héiert. Vietnam ass awer - an do sinn de Rapporteur, genausou wéi d'Madame Flesch och schonns drop agaangen - e mannegfaltge Land wat munches ze bidden huet, och wann nach vill Problemer bestinn. An ech maache just op déi héich Aarbechtslosenzuelen, 25%, respektiv och déi héich Kannerstierlechkeet, 30 Doutgebuerten op 1.000 Lieweggebuerten, opmierksam.

A Lëtzebuerg ënnerstëtzt jo och zënter enger Rei Jore Vietnam am Kader vu senger Kooperatiounspolitik an dëst a verschiddenen

Domänen, wéi och zum Beispill an der Santé, mä awer och an der Education. Datt dës Ënnerstëtzung och bluttnoutwenneg ass, dovunner konnten sech jo eise Minister vun der Kooperatioun an och mäi Fraktiounskolleg Marc Angel am November bei hirem Besuch op der Plaz iwwerzeegen.

Ech perséinlech sinn dovunner iwwerzeegt, datt dësen Accord de coopération, dee mer haut wäerte stëmmen a wou ech dann och elo wëilt den Accord vu menger Fraktioun abréngen, dozou bäidréit, datt Vietnam weider op deem Wee geet, deen et ageschloen huet, nämlech an nëmme 15 Joer den Taux de pauvreté ëm ëmmerhi méi wéi d'Halschent erfzesetzen. A wa mer mat dësem Accord och nëmmen e bëssen dozou bäidroen fir de Wuelstand, de Wëssensstand an awer och d'Gesondheet vun der vietnamesescher Bevölkerung ze verbessern, a gläichzäitig awer och eise Matbiergerinnen a Matbierger dëst interessant an och besichenswäert Land méi no ze bréngen, dann hu mir eist Zil domat erreecht.

An domat Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - Merci, Madame Dall'Agnol. Et huet sech nach ageschriwwen den Här Mehlen. Dir hutt d'Wuert, Här Mehlen.

■ **M. Robert Mehlen (ADR).** - Merci, Här President, ech maachen et kuerz. Mir hunn hei zwee kulturell Accorden. Kultur échangéieren, dat heescht sech géigesäitig kenne léieren. Wann ee sech géigesäitig kenne léiert, da léiert een och sech géigesäitig verstoen. Dat féiert dann och vläicht derzou, datt een deenen aneren e bësse méi besiche geet a Verständnis derfir entwéckelt, wéi deenen aneren denkt a wéi e lieft.

D'Geschicht huet ëmmer erëm bewisen, datt et nach ni eppes gescheuet huet, wann ee sech um kulturelle Gebitt échangéiert huet, wann een deenen anere besser kenne geléiert huet, wann een d'Geleeënheet hat Viruerteeler, déi ee vläicht hat, ofzebauen.

Kultur, dat ka ganz viles sinn. Mir hu jo hei schonn e puer Beispiller héieren. Ech wëll, fir e bëssen eng méi lëschtge Note hei eranzebréngen, op de kulinareschen Deel hiweisen. Mir gesinn hei bei eis - dat huet awer elo net direkt mam Vietnam ze dinn, niewendru läit China -, mir hu vill chinesesch Restaurants, et sinn och vietnamesesch Restaurants, d'chinesesch Restaurants hu vietnamesesch Menüen op de Kaarten. Mir gesinn, datt och d'türkesch Kichen hei Fouss faasst, dat ass gutt esou. Dat bréngt eis och d'Liewensweis vun deenen Völker vun deenen Länner méi no. D'Leift geet duerch de Mo, gëtt ëmmer gesot. Dat ass och hei esou. Wann ee sech mat deem Kascht ugefrënn huet, da léiert een och d'Leit vläicht e bësse besser kennen.

Mä dat soll „ein Geben und Nehmen“ sinn, an domadder kommen ech zu menger humoristescher Iwwerleeung. Mir hunn elo grad héieren, wéi kleng datt mir si vis-à-vis vun deenen zwee Länner, bevölkerungsméisseg, an natierlech och territorial. Da géing ech hoffen, datt et eis géing geléngen, eng kleng kulinaresch Offensiv an déi Länner ze starten an eist national kulinarescht Wahrzeechen, de Kachéis, awer net nëmmen deen, vläicht och de Muselwäin, Madame Statssekretär, dann emol an deenen Länner bekannt ze maachen.

(**Hilarité**)

Dat ass déi méi humoristesche Note. Ech wollt och nach méi eng eescht hei ubréngen, déi net direkt eppes domat ze doen huet, mä, Här President, ech wollt d'Geleeënheet net laanschtgoe loossen.

Den Här Thiel huet zu Recht hei drop higewisen, datt do ënnen an der Türkei, an deem ganze Raum Kleinasien eigentlech, d'Wéi vun eiser Zivilisatioun läit, datt do ganz viles um archeologesche Plang nach am Buedem läit, an datt dat iergendwéi zu eiser kultureller Entstehung, zu eise kulturelle Wuerzele gehéiert.

Ech wollt hei just vun der Geleeënheet profitéieren, de Moment, wou den amerikanesche President Bush eng Visite hei an Europa mécht, mäin Entsetzen doriwwer auszedrécken, wéi d'amerikanesch Truppen do ënnen am Irak virgaange sinn, wéi alles geschützt ginn ass, wat mat Uelech ze doen hat, Quellen, an den Uelechministère ofgeséichert war bis zu Lescht, an obschonn datt jiddfereen, dee mat Archeologie a Kultur ze doen hat, gefuerdert hat, si sollten déi kulturell Wäerter, d'Muséeën an d'Sitë protégéieren, datt dat net geschitt ass an datt onheemlech Verloschter, grouss Zerstéierungen do entstane sinn, datt schrecklech vill verschwonnen ass, wat méiglecherweis ni méi optaucht.

Ech wollt hei bei där Geleeënheet menger Roserei doriwwer Ausdrock ginn an ech géing hoffen, datt iwwer esou kulturell Accordé wéi deenen heiten och iwwerall d'Verständnis fir dat, wat eis iergendwéi alleguer gehéiert, well hei ass effektiv d'Wuerzel vun der Zivilisatioun, datt mer alleguer léieren, iwwer all Grenzen ewech datt ze respektéieren an ze schützen. Dat gesot, selbstverständlech, wäerte mir och dës zwee Projete stëmmen.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Mehlen. Elo komme mer zur Regierung. D'Regierung huet d'Wuert. Madame Statssekretärin, wann ech gelift.

■ **Mme Octavie Modert, Secrétaire d'État à la Culture, à l'Enseignement supérieur et à la Recherche.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Kultur verbënnt d'Völker, gëtt ëmmer gesot, a wat kann ee besser uféieren hei bei dëse Kooperatiounsacorden a verschidde Beräicher, vun der Kultur, Education, Wëssenschaft, Medien, Jugend bis zu Sport an aneren, wéi hei schonn esou flott ugefouert ginn ass? Wéi och all Riednerinnen a Riedner betount hunn, sinn dat hei Instrumenter, déi ganz wesentlech dozou bäidroen, datt Länner a Völker sech kënne méi no kommen a besser verstoen.

Mir hunn an dësem Fall mat zwee Länner ze doen: op där enger Säit d'Türkei, op där anerer Säit de Vietnam, mat och all Kiéiers verschiddenen Hannergrënn.

Op där enger Säit d'Türkei : e Land wat geographesch gesinn net esou wäit ewech vun eis läit. E Land, wat an der lescht natierlech hei an Europa relativ vill am Gespréich war, aus deenen Ursaachen, déi mer wëssen, an zwar d'Adhésionsdemande, déi se gemaach hunn, fir an d'Unioun kënnen anzetrieden, a bei där Geleeënheet sinn en Deel Appréhensiounen entstanen, oder einfach nëmmen zum Ausdrock komm, déi vläicht virdru schonn do waren. Sécherlech ass grad dofir e Kulturofkommes dee richtige Wee, fir esou Ängschte kënne ze entschäerfen, ofzebauen, a virun allem awer d'Völker op deem dote Wee méi no kennen ze bréngen, virun, driwwer eraus oder och ouni Adhésionsaccord.

Op där anerer Säit hu mer Vietnam, mat deem mer och ganz vill Verbindungen hunn - wéi iwwregens bei deenen zwee Texter, esouwuel op dem Punkt vun der Türkei wéi op dem Projet vum Vietnam, déi zwee Rapporteurten dat excellent hei exposéiert hunn -, besonnesch um Niveau vun der Kooperatiounshëllef, wou ganz vill gemaach ginn ass vu Lëtzebuerg a weiderhin och leeft a geschitt, an och schonn um kulturelle Plang Saache bestinn; an do deelweis och mat der Türkei.

Esou datt een nëmme ka concluéieren, wat d'Nëtzlechkeet an d'Wichtegkeet an d'Richtegkeet ass, fir hei dës zwee Accorden of-zemaachen, ze ënnerschreiwene, ze ratifizéieren an och herno mat Liewen ze erfëllen.

Déi Aarbecht, déi gemaach ginn ass vun deenen zwee Rapporteurinnen, huet am Fong schonn alles exposéiert wat ee misst dozou soen. Dat wat zousätzlech do derzou nach vun deenen anere Riednerinnen a Riedner gesot ginn ass, huet d'Bild complétéiert, esou datt een net hei weider nach muss dorobber agoen.

Här President, dat hei sinn net déi zwee éischt Kulturofkommessen, déi Är Chamber ratifizéiert, well regelméisseg kommen der ëmmer erëm hei vir, an iwwerall konnt ee gesinn, datt völkerverbannend geschafft ginn ass. Neier wäerten nokommen, neier sinn amgaange schonn dru geduecht ze ginn an et gëtt der, wou dru geschafft gëtt. Mir wäerten also regelméisseg ëmmer erëm hei kënnen dës Operation mat engem flotten Austausch vu Gedanken a vun Exposéé widderhuelen.

Ech wollt lech Merci soe fir déi Mat-aarbecht, déi Der hei gemaach hutt, a Merci fir Är Ënnerstëtzung.

Der Madame Flesch wollt ech soen, datt vläicht de Punkt vun der

Francophonie e bëssen de Kader géif sprengen vun dësen zwee Accorden an, wa se d'accord ass, mer dat géifen an enger anerer Rumm eng Kéier maachen.

Merci.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien.

■ **M. le Président**.- Merci, Madame Statssekretärin. D'Diskussion ass ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5270. Den Text steet am Document parlementaire 5270^o.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 5270 et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5270 ass eestëmmeg ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Marc Spautz), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner (par M. Lucien Clement), Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Gle-sener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Paul-Henri Meyers (par M. Marco Schank), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer (par Mme Nelly Stein), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine

Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par Mme Marie-Josée Frank) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Roger Negri), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Roland Schreiner), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Ben Fayot), Romain Schneider (par M. Marc Angel), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par Mme Lydia Mutsch);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Charles Goerens), Paul Helminger (par M. Emile Calmes), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Camille Gira), François Bausch, Felix Braz (par M. Henri Kox), Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Jean Huss);

MM. Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer elo zur Ofstëmmung vum Projet de loi 5287, deem am Document parlementaire 5287² steet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 5287 et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5287 ass eestëmmeg ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Marc Spautz), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner (par M. Marcel Oberweis), Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Gle-sener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Paul-Henri Meyers (par M. Marco Schank), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer (par M. Marcel Sauber), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par M. Ali Kaes) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Roger Negri), M. Ben Fayot, Mme Lydia Mutsch, MM. Ro-

ger Negri, Jos Scheuer (par M. Roland Schreiner), Romain Schneider (par M. John Castegnaro), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur (par M. Claude Meisch), M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Xavier Bettel), Paul Helminger (par M. Emile Calmes), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Camille Gira), François Bausch, Felix Braz (par M. Henri Kox), Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Domadder si mer um Enn vun eiser Sitzung. Et geet weider mar um hallwer dräi.

D'Sitzung ass elo opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 17.42 heures)

Ordre du jour

1. Communications
2. Heure d'actualité demandée par le groupe LSAP sur le plan d'action 2000-2004 élaboré par le bureau du coordinateur national „Drogues“
(Discussion générale - Motion - Vote)
3. 5312 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 10 décembre 1975 créant un établissement public dénommé Centre hospitalier de Luxembourg groupant la maternité Grande-Duchesse Charlotte, la Clinique pédiatrique fondation Grand-Duc Jean et Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte et l'hôpital municipal
(Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)
4. Résolution de la Commission des Comptes et du Contrôle de l'exécution budgétaire concernant les comptes de l'exercice 2003 de la Cour des Comptes
(Vote)
5. Demandes en naturalisation
6. Ordre du jour

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Mars Di Bartolomeo et Claude Wiseler, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.32 heures)

■ **M. le Président**.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eng Matdeelung ze maachen?

(Négation)

1. Communication

Ech hu folgend Kommunikatioun un d'Chamber ze maachen:

M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, a déposé au Greffe de la Chambre des Députés, en date du 23 février,

- le projet de loi n°5445 portant approbation du Protocole sur les registres des rejets et transferts de polluants, signé à Kiev, le 21 mai 2003;

- le projet de loi n°5446 portant approbation du deuxième Amendement à la Convention sur l'évaluation de l'impact sur l'environnement dans un contexte transfrontière, signée à Espoo (Finlande) le 25 février 1991, adopté à la troisième réunion des Parties à la Convention, tenue à Cavtat (Croatie) du 1^{er} au 4 juin 2004 (Décision III/7);

- le projet de loi n°5447 portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République de Bulgarie en matière de sécurité sociale, signée à Luxembourg, le 1^{er} décembre 2004.

Haut de Mëtteg huet d'LSAP-Fraktioun eng Aktualitéitsstonn iwwert den Drogenaktiounsplang ugefrot. D'Riedezeit ass am Artikel 78-2 vum Chambersreglement festge-

halen a gesäit Folgendes vir: Där Fraktioun, déi d'Aktualitéitsstonn ugefrot huet, stinn 10 Minutten zou; déi aner Fraktiounen hu jeeeweils 5 Minutten an der Regierung gehéiert eng Véirelsstonn.

Et hu sech ageschriwwen: d'Madame Dokter Stein, den Här Bettendorf, den Här Huss an den Här Jaerling. D'Wuert huet dann elo den Här Marc Angel als Vertrieeder vun der sozialistescher Fraktioun. Här Angel, wann ech gelift.

2. Heure d'actualité demandée par le groupe LSAP sur le plan d'action 2000-2004 élaboré par le bureau du coordinateur national „Drogues“

■ **M. Marc Angel (LSAP)**.- Merci, Här President. Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer als Aféierung all de Leit, déi am Gesondheitsministère, an all deene Mataarbechter a Bénévolé vun den ONGen, déi um Terrain schaffen, Merci ze soe fir hir Aarbecht, a Merci awer och fir de Bericht 2004 RELIS vum Här Origer iwwert de Stand vum Phänomeen Drogen zu Lëtzebuerg, aus deem ee vill Informatiounen eraushuele kann.

Deen éischte Plan d'action drogues ass iwwert d'Joren 2000-2004 gelaf, e puer Eckdate si bekannt an dokumentéieren d'Efforten, déi an deene leschte Joren an deem Beräich gemaach goufen.

Dank dësem Aktiounsplang ass de Budget fir de Beräich vun 1999-2004 vun 1,270 Milliounen eropgaang bis op 5,8 Milliounen Euro, dat ass eng Steigerung vun 360% an dat ass ze begrëssen. Och sinn d'Effektiver vum Personal, wéi de Minister eis an der Kommissioun gesot huet, staark gestigen, dräianenhalleftmol.

Dat si grouss Efforten, déi mer all apprécieiere sollen, mä de Problem ass awer bei Wäitem net aus der Welt geschaf, mä en ass awer och net vill méi grouss ginn.

Här Minister, Dir hutt an der Santéskommissioun vun enger Stabilisatioun geschwat. Wat sécher ass, ass d'Tatsaach, dass ouni den Drogenaktiounsplang 2000-2004 d'Situatioun sech wesentlech verschlechtert hätt.

Dat wat ech elo gesot hunn, soll d'Situatioun awer net dédramatiséieren. De Problem vun den Drogen ass nämlech haut vill méi visibel, wéi dat nach virun e puer Joer war.

Weider ass gewosst, datt méi wéi 80% vun de Mesuren an Aktiounen, déi am éischten Drogenaktiounsplang virgesi waren, ëmgesat goufen. En suspens sinn, souwäit ech richteg informéiert sinn, zwou Saachen; dat ass éischters de Programm fir eng kontrolléiert Distributioun vu gewëssenen Drogen an zweetens d'Ariichte vun enger sou genannter Fixerstoff.

Oft focaliséiere sech d'Diskussionen an der Öffentlechkeet an och an de Medien op dës zwee Punkten a réckelen aner Mesurë wéi d'Therapie an d'Préventioun an de Schiet. Eng Fixerstoff an och e Programm fir eng kontrolléiert Distributioun vun Drogen u Schwéierstoffhänger sinn awer wichteg, an ech wär frou ze héieren, wéi et an dësen zwee Dossiere weidergeet.

Wichtig Progrèsë goufe gemaach, ënner anerem och nach bei den nidderschwellegen Opfangstrukturen, am posttherapeutische Beräich, am Beräich vun de Substitutionstherapien, mä och an der primärer Préventioun.

D'Steigerung vun de finanzielle Moyenen am Beräich vum Aktiounsplang Drogen ass wuel impressionant. Mä et ass kloer, dass se batter néideg sinn an dass nach méi Efforten néideg sinn, wann ee bedenkt datt Lëtzebuerg, eist Land, wéi dat am Fachjargon heescht, eng vun den héchste Prevalenzen huet vun den «usagers problématiques de drogues» an der Europäescher Unioun.

An allen ënnerschwellege Strukturen an och bei de Substitutionstherapie sinn d'Zuele vun de Leit, déi dës Offeren notzen, an d'Lut gaangen. Datselwecht gëllt iwwergens och fir d'Zuel vun de Sprëtzen, déi échangéiert ginn; iwwer 300.000 Sprëtze sollen dat gewiescht sinn, an dovunner si bal 90% erëm agesammelt ginn.

Och hätt d'Drogenzeen sech verännert. Um Marché wier méi Kokain a virun allem méi schlechte Kokain disponibel. Vill vun deene friéiere kllasseschen Heroinkonsumenten sprëtze sech elo dëse schlechte Kokain, wat méi e schwieregt a virun allem e vill méi aggressivt Verhale bei hinne provozéiert.

Loosse mer awer och eng positiv Note nach ervirsträichen, an dat ass, dass an deene leschte Joren d'Zuel vun den Drogendoudegen erofgaangen ass a besonnesch och dass d'Zuel vun den Infektioune mat verschiddene Krankheete wéi zum Beispill AIDS bei de Consommateure vun den haarden Drogen och erofgaangen ass.

All dës Feststellunge féiere mech dozou, dem Här Gesondheitsminister eng Rei konkret Froen ze stellen. Wéi eng Konklusiounen mussen aus deem éischten Drogenaktiounsplang gezu ginn a wat fir Konsequenzen ergi sech doraus fir den Aktiounsplang fir déi nächst Joren, dat heescht 2005-2009? Wat sinn d'Haaptziele vun dësem neien Aktiounsplang? Wëssend, dass en op zwee Piliere opgebaut ass; eng Säit d'Reduktioun vun der Offer an dann d'Reduktioun vun der Demande. A wëssend och, datt, obwuel dat e wichtige Volet ass, d'Aktioun sech net eleng op d'Réduction des risques limitéiert.

Deen neien Drogenaktiounsplang ass, wéi mer wëssen, duerch de Regierungsrot gaang. Dobäi schéngt et kloer, dass d'Ëmsetzung vun deem Plang weider Efforten a Mëttele verlangt. Wéi gesäit et mat deene budgetäre Mëttelen aus?